Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot,

Dir Dammen an Hären aus der Finanzkommissioun,

Léif alleguerten,

Mir si frou, Iech déi aktuell finanziell Situatioun vun eiser Gemeng ze presentéieren. Do hu mer :

- **Konte vum Joer 2023**

| | **Service ordinaire** | **Service extraordinaire** |
|---|---|---|
| Total des recettes | 24.697.013,75 € | 1.980.755,36 € |
| Total des dépenses | 16.504.050,76 € | 9.427.732,95 € |
| Boni propre à l'exercice | 8.192.962,99 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 7.446.977,59 € |
| Boni du compte 2022 | 14.688.335,29 € | |
| Boni général | 22.881.298,28 € | |
| Mali général | | 7.446.977,59 € |
| Transfert ord./extraord. | - 7.446.977,59 € | 7.446.977,59 € |
| Boni définitif | 15.434.320,69 € | |

Dës goufen den 31.07.2024 ofgeschloss an dem Inneministère iwwermëttelt. Mir waarden elo, dass de Contrôle vum Inneministère duerchgefouert gëtt a wäerten am Fréijoer 2025 den Decompte vum Joer 2023 hei am Gemengerot presentéieren an ofstëmmen.

Fir 2023 hate mer:

- Ordinär Recetten an Héicht vu 24,7 Milliounen EUR;
- Ordinär Depensë vu 16,5 Milliounen EUR;

Wat e Benefice am ordinäre Kont vun 8,2 Milliounen EUR mécht;

- Extraordinär Recetten hate mer fir bal 2 Milliounen EUR;
- an Depensë fir 9,4 Milliounen EUR;

Wat en extraordinären Defizit vu 7,4 Milliounen EUR mécht.

Domat hu mer dann e positiivt Resultat fir 2023 vu ronn 750.000 EUR. Zesumme mam Résultat reporté vun 2022 vu 14,7 Milliounen hu mer dann also e Bénéfice reporté fir 2024 vu bal 15,5 Milliounen EUR.

## - Budget rectifié 2024

Dëst ass den ugepasste Budget vum Joer 2024, op Basis vun den aktuellen Zuelen op Enn November a mat enger Estimatioun fir déi Recetten an Depensen, déi nach fir 2024 ufalen.

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 26 901 141,84 € | 3 015 617,77 € |
| Total des dépenses | 18 854 422,38 € | 12 215 677,24 € |
| Boni propre à l'exercice | 8 046 719,46 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 9 200 059,47 € |
| Boni du compte 2023 | 15 434 320,69 € | |
| Boni général | 23 481 040,15 € | |
| Mali général | | 9 200 059,47 € |
| Transfert ord./extraord. | - 9 200 059,47 € | 9 200 059,47 € |
| **Boni définitif** | **14 280 980,68 €** | |

Lescht Joer hate mer hei op dëser Plaz gesot, dass de Budget 2024 en Iwwergangsbudget ass, deen an der Kontinuitéit läit vun de Projeten, déi an de leschte Joren hei am Gemengerot gestëmmt goufen. Sou konnten eng ganz Rei Projeten ofgeschloss ginn an och Decompten hei am Gemengerot gestëmmt ginn an d'Subside vun de Ministèren ausbezuelt ginn. Mir hunn 2024 awer och bei ganz ville Projeten d'Weiche gestallt an déi néideg Upassunge gemaach, fir mat eise groussen Infrastrukturprojete virunzekommen, wéi dem Ausbau vum Schoulcampus, der Erweiderung vun der Gemeng an dem Scoutshome, dem neie Gemengenatelier, nei Sportsinfrastrukturen an dem Ressourcenzenter mat CGDIS-Kasär.

Sou gesäit et aktuell duerno aus, dass mer am Budget rectifié,

- Ordinär Recetten an Héicht vu 26,9 Milliounen EUR hunn an
- Ordinär Depensë vun 18,8 Milliounen EUR hunn.


Wat e Benefice am ordinäre Kont vun 8 Milliounen EUR mécht.

- Extraordinär Recetten hätte mer fir bal 3 Milliounen EUR
- an Depensë schätze mer op 12,2 Milliounen EUR
- wat en extraordinären Defizit vun 9,2 Millioune mécht.

Domat hätte mer dann, op Basis vun dëser ganzer virsiichteger Aschätzung, en negatiivt Resultat fir 2024 vu ronn 1,2 Milliounen EUR.

Zesumme mam Résultat reporté vun 2023 vu bal 15,5 Milliounen hu mer dann also e Bénéfice reporté fir 2025 vu ronn 14,3 Milliounen EUR.

Éier mer awer elo de BR vun 2024 a virun allem och de Budget 2025 méi am Detail analyséieren, fänke mer mat puer méi generellen Zuelen zu eiser Gemeng un.




Op den 1. Januar 2024 hu 4.414 Leit bei eis an der Gemeng gewunnt an aktuell op den 20. November 2024 wier dës Zuel bei 4.426, wat engem Zouwuess vun nëmmen 12 Leit entsprécht. Dëst ass immens wéineg par rapport zu engem Zouwuess am Joer 2023 vu 50 a fir 2022 vun 63. A mir sinn nach wäit vun den

Zuele vun 2018 oder 2022, wou mer bei iwwert 100 louchen. Sou leie mer aktuell och ënnert eisem Zil vun engem moderate Wuesstem vun 1,7%.

Et mierkt een also, dass d'Baukris och definitiv zu Schëtter ukomm ass. Et si ganz vill Projeten op Äis geluecht an och nei Baugeneemegunge goufen der dëst Joer bis elo nëmmen 11 ausgestallt fir insgesamt 29 Wunneenheeten. Et mierkt een awer, dass et erëm bëssi méi unzitt, notamment op Basis vun de Ventë vun Terrainen an der rue Jeanne Rouff, awer och nei Projeten, déi eragereecht ginn, notamment laanscht d'Haaptstrooss. Besonnesch eis Haaptstrooss wäert sech an den nächste Joren immens veränneren, net nëmmen duerch déi nei 30er-Zon an den neien Duerfkär, mee och ëmmer méi eenzel Haiser ginn duerch Residencen ersat.


Do dernieft kënnt och erëm Beweegung an den Dossier vum PAP Bréim, wou an den nächste Joren 88 Wunnunitéite wäerte gebaut ginn. Eis Awunnerzuele wäerten also an Zukunft erëm méi staark klammen. Dofir ass et wichteg, fir ëmmer weider an eis Infrastrukturen, awer och an eis Veräiner ze investéieren souwéi eis Bierger ze ënnerstëtzen, fir en harmonescht an ausgeglachent Zesummeliewen ze erméiglechen.

Fir awer zeréck op eis Finanzsituatioun ze kommen, fänke mer u mat eisem aktuelle Patrimoine. D'Gemeng Schëtter huet op Enn Oktober :

- Ongeféier 16 Milliounen Euro op de Bankkonten a keng Verscholdung;
- Zu eise Reserve gehéiert och de Fonds de réserve budgétaire, wou e Montant vun 1,6 Milliounen EUR blockéiert ass;
- Mir besetzen 226 ha Bësch, 33,4 ha Terrain Wisen an Akerland, souwuel an der Gemeng wéi och an den Nopeschgemengen;
- Mir hu 5,28 ha Terrain am Bauperimeter, wouvun 3,50 ha an eisen Aktivitéitszone leien;
- Mir hunn och 10 Haiser an 9 Appartementer, déi mer aktuell am Kader vum soziale Wunnengsbau verlounen. Do dernieft stelle mer 2 Haiser der Associatioun Schëtter Hëlleft zur Verfügung, déi haaptsächlech ukrainesch Flüchtlingsfamilljen ënnerstëtzt.

Kommen mer dann elo zum Detail vum Budget rectifié vun 2024 an dem Budget 2025, wou mer mat den ordinäre Recetten ufänken:


## - Recettes ordinaires




Do ass et esou, dass mer 2023 Recettë vu 24,7 Milliounen EUR haten, fir 2024 schätze mer se op 26,9 Milliounen a fir 2025 sinn ordinär Recettë vu 27,6 Millioune virgesinn. Hei gesi mer, dass mer vun 2022 op 2023 eng Croissance hate vun 22,7%, woubäi dës Croissance am BR 2024 par rapport zu 2023 just nach bei 9% ass a fir 2025 ginn d'Previsioune just vun enger Croissance vun 2,5% aus. Wéi schonn d'lescht Joer gesot, gesäit ee schonn, dass méi schwéier Zäiten op eis duerkommen an eis Recetten aus dem FDGC an dem ICC méi lues klammen, och wa mer natierlech wëssen, dass dem Inneministère seng Virgaben normalerweis ëmmer éischter virsichteg sinn.

**Wéi setze sech dës Recettes ordinaires zesummen?**


## - Fonds de dotation globale des communes (FDGC):



De Fonds de dotation globale des communes (FDGC) ass mat ongeféier 70% déi gréissten Akommesquell fir d'Gemeng Schëtter. Dësen FDGC gëtt zum Deel gespeist vun der direkter Steier, der TVA oder och nach der Autossteier. Fir d'Berechnung vum Verdeele vun dëser Dotatioun ass den Haaptkrittär dee vun der Populatioun, wat eis Gemeng benodeelegt, well mir jo éischter moderat wuesse wëllen.

Dës Berechnunge berouen op de Virgabe vum Inneministère, wéi se an der Circulaire 2024-071 vum 17. Oktober 2024 virgesi sinn. Hei stelle mer fest, dass de Staat nach fir 2024 mat enger Croissance vun 12,8% par rapport zu 2023 rechent, wat fir eis Gemeng engem Montant vun 18,37 Milliounen EUR entsprécht. Fir 2025 ass dës Croissance bei 17,2% par Rapport zu 2023, wat am Budget 2025 engem Montant vu ronn 19,1 Milliounen EUR entsprécht. Dëst wier also just eng Steigerung vun 3,90% par rapport zu 2024.

- **Impôt commercial Communal (ICC):**




Eis zweet grouss Recette ass den ICC, den Impôt commercial Communal. Dëse mécht ongeféier 12,5% vun eise Recetten aus. Hei kritt all Gemeng en Deel vum ICC, deen um Territoire vun der Gemeng erwirtschaft gëtt. Fir 2023, krute mir 2,95 Milliounen ausbezuelt, am Verglach mat engem Gesamt ICC vu 25,9 Milliounen, deen zu Schëtter erhuewe ginn ass, sinn dat e bëssche méi wéi 10%, déi fir eis Gemeng iwwreg bleiwen. Fir 2024 rechne mir am Budget rectifié mat engem Montant vun 3,35 Milliounen EUR, a fir 2025 sinn op der Basis vun der Circulaire vum Inneministère 3,47 Millioune virgesinn. Hate mer also vun 2023

op 2024 eng Croissance vun 13,4%, sou bleift fir 2025 par rapport zu 2024 just nach eng Croissance vun 3,53%.

Eleng un Hand vun deenen 2 Recettë gesäit een, dass op Basis vun de Previsioune vum Inneministère eis ordinär Recettë méi lues wuesse wäerten, wat et ëmsou méi wichteg mécht, fir eis Depensë ganz genau am A ze halen.

- **Recettes ordinaires – Ventilation:**

| | 2023 | | BR 2024 | | Budget 2025 | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Loyers et charges bâtiments | 176 586,79 € | 0,72% | 200 000,00 € | 0,74% | 190 000,00 € | 0,69% |
| Impôt foncier | 287 245,40 € | 1,16% | 287 000,00 € | 1,07% | 300 000,00 € | 1,09% |
| Impôt commercial | 2 954 231,01 € | 11,96% | 3 350 097,97 € | 12,45% | 3 468 267,21 € | 12,58% |
| FDGC | 16 286 748,97 € | 65,95% | 18 371 452,84 € | 68,29% | 19 088 069,79 € | 69,21% |
| Service ordures | 486 117,80 € | 1,97% | 510 000,00 € | 1,90% | 530 000,00 € | 1,92% |
| Redevance canalisation (fixe et variable) | 622 552,13 € | 2,52% | 680 000,00 € | 2,53% | 715 000,00 € | 2,59% |
| Redevance vente eau (fixe et variable) | 999 482,23 € | 4,05% | 955 000,00 € | 3,55% | 955 000,00 € | 3,46% |
| Subvention enseignement musical | 354 693,22 € | 1,44% | 403 571,93 € | 1,50% | 410 000,00 € | 1,49% |
| Autres | 2 529 356,20 € | 10,24% | 2 144 019,10 € | 7,97% | 1 922 250,00 € | 6,97% |
| total | **24 697 013,75 €** | **100%** | **26 901 141,84 €** | **100%** | **27 578 587,00 €** | |

Déi aner Haaptrecette ass den Impôt Foncier, also Grondsteier, déi um Territoire vun der Gemeng erhuewe gëtt. Hei sinn et Recettë fir 2024 vun 287.000 EUR a fir 2025 sinn 300.000 EUR virgesinn. Beim Impôt foncier ass et natierlech fir d'Gemengen immens wichteg, fir ze gesinn, wei eng Mesuren d'Regierung an d'Chamber finalement wäerten zeréckbehalen, well dës natierlech en direkten Impakt op d'Gemengefinanzen, mee och op d'Gemengenentwécklung kënnen hunn, besonnesch am Zesummenhang mat enger Mobilisatiounssteier.


Fir déi aner Poste vun den ordinäre Recettë fir 2025 muss een awer och soen, dass mer do fir 2025 de Poste vun de "Cautions sur autorisations à bâtir" op 0 EUR gesat hunn (par rapport zu soi-disant Recettë vun 125.000 EUR fir 2024). Dëst ass doduerch bedéngt, dass en neie Modul vum SIGI entwéckelt gouf fir d'Gestioun vun de Kautiounen an dës domat net méi mussen iwwert de Budget geréiert ginn, wat och méi richteg ass, well hei handelt sech jo net ëm reell Recetten.

Da sinn et och nach Loyeren, déi mir op den Wunnenge kréien, déi mir am Kader vum erschwéngleche Wunnraum verlounen. Hei leien d'Recettë bei 200.000 EUR am BR vun 2024, an 190.000 EUR si fir 2025 virgesinn. Dës liicht Baisse ass bedéngt duerch déi nei Berechnung vum Loyer abordable. Hei ass et awer esou, dass opgrond vun de villen Ännerungen am Zesummenhang mam Promoteur social a mam Bailleur social an den Diskussiounen, déi do nach ëmmer en cours sinn, et schwéier ass, fir ze wëssen, wéi et do an der Zukunft weidergeet.

Dann ass et och esou, dass mer fir 2023 op Grond vun de méi héijen Zënsen an eise grousse Cash-Reserven Zënsen an Héicht vun 317.000 EUR kruten, fir 2024 rechne mer mat engem Montant vun eppes iwwert 200.000 EUR a fir 2025 schätze mer dës op 150.000 EUR. Dëst natierlech op Grond vun de falenden Zënsen an awer och, well eis Suen op de Konten an den nächste Joren opgrond vun eisen Investitiounen drastesch wäerten zeréckgoen.

Wat Recetten aus den Taxe vum Offall an der Waasser-Versuergung ugeet, souwéi der Musekschoul, analyséiere mer déi méi am Detail zesumme mat den Depensen an dësem Beräich.

- **Dépenses ordinaires**





Bei den ordinären Depensen ass d' Situatioun déi, dass dës vun 13,8 Milliounen EUR am Joer 2022 op 16,5 Millioune fir 2023 geklomme sinn. Fir 2024 rechne mer mat 18,9 Milliounen a fir 2025 19,3 Milliounen EUR.

Dës Zuelen entspriechen enger Croissance vun den Depensë fir 2023 vun 19,35%, vun 2023 op 2024 si se dunn nach emol ëm 14,3% geklommen. Fir 2025 gesi mer awer elo just nëmmen nach en Zouwuess vun den ordinären Depensë vun 2,43% an dëst, obwuel mer verschidden Depensen, déi rekurrent sinn, aus dem extraordinären an den ordinäre Budget eriwwergeholl hunn.

Bei den ordinären Depensë maachen d'Personalkäschten, déi fir 2025 bei 6,3 Milliounen EUR leien, bal 1/3 vun den Depensen aus.

### ○ Personal





Aktuell beschäftegt d'Gemeng 53 Leit (2023: 52), dovun 18 (2023: 17) an der Administratioun, 8 (2023: 9) am Service Technique, 1 (2023: 1) Garde-champêtre, 1 (2023:1) am Service scolaire, 18 (2023: 18) an der Régie a 7 (2023: 6) an der Conciergerie.

Bei der Evolutioun vun de Personalkäschte gesäit een, dass wa mer vun 2022 op 2023 nach eng Hausse vun 18,38 % haten, mir elo fir 2024 mat enger Hausse zum Virjoer vu 7,24% rechnen a fir 2025 eng Hausse vun 8,35% virgesinn hunn. Heizou muss ee soen, dass mir mat enger Croissance vu 5% vun der Masse salariale gerechent hunn, opgrond vun den eventuellen Indextranchen, déi fir 2025 kéinte kommen. Dëst ass also eng ganz virsichteg Aschätzung, wou mer dovun ausginn, dass den Zouwuess méi niddreg ausfält. Mir hunn natierlech awer och 2024 eist Personal verstäerkt, notamment an eisem Service Relations Publiques, wou d'Vicky Jungbluth zanter dem 1. September 2024 als Responsabel agestallt gouf. Och am Service Technique krute mer Verstäerkung mam Raoul Petry, deen eis am Déifbau, awer och bei méi klenge Projeten am Héichbau ënnerstëtze wäert. An am Sekretariat ënnerstëtzt eis d'Kelly Sepulveda och zanter dem 1. September 2024, haaptsächlech zoustänneg fir de Service technique.

Do dernieft hu mer awer och neit Personal agestallt, fir Departen oder Réduction de tâches ze ersetzen, an zwar:

- de Jorge Miguel DE JESUS BALSAS an eisem Service Régie
- de Carlos PEREIRA als CAE am Service Conciergerie an
- ab dem 01.12.24, de Christian ENGEL als neie Mecanicien


- **Fonds pour l'emploi**




De Fonds pour l'emploi war ëmmer eng ganz volatil Depense, wou de Berechnungsmodus an der Vergaangenheet schwéier novollzéibar war an och zu gréissere Schwankungen am Budget gefouert huet. Sou ass dësen zum Beispill tëscht 399.000 EUR fir 2022 op bal 663.000 EUR fir 2023 geklommen, wat enger Hausse vun 264.000 EUR entsprécht.

Do ass elo nogebessert ginn, a wéi an der Circulaire vum 17. Oktober 2024 vum Inneminister erkläert, baséiert de Berechnungsmodus fir d'Zukunft op enger einfacher Formule, wou de Fonds pour l'emploi an direkter Relatioun mam ICC steet, deen um Terrain vun der Gemeng erwirtschaft gëtt, an et esou zu manner Diskrepanzen am Budget féiert. Op där Basis hu mir fir 2025 eng Depense vu 441.000 EUR virgesinn.

### ○ Offall





Komme mer dann zu de Recetten an Depensen am Beräich vun der Offallentsuergung.

Beim Ofall gesi mir fir 2025 Recetten an Héicht vu 540.000 EUR vir an Depensë vu ronn 850.000 EUR.


Hei gesäit een, dass déi Depensen all Joer méi héich si wéi d'Recetten an dës Schéier ëmmer méi wäit ausernee geet. Hate mer 2022 nach en Defizit vu ronn 173.000 EUR, sou si mer fir 2025 bei engem geschätzten Defizit vun 310.000 EUR.

Dës Evolutioun muss een am A behalen an eventuell eng Präisupassung bei der Offallgestioun um Niveau vum SIAS préiwe loossen.


- ### Waasserversuergung




Fir d'Drénkwaasserversuergung gesi mir 2025 Recettë vun 955.000 EUR vir an Depensë vu 766.000 EUR.




Beim Ofwaasser sinn et fir 2025 Recettë vu 720.000 EUR an Depensë vun 862.000 EUR.




Gesamt gekuckt ass et also esou, dass mer aktuell ëmmer en Defizit beim Schmotzwaasser hunn an e Benefice beim Drénkwaasser, esou dass dat sech méi oder wéineger ëmmer ausgläicht, respektiv dass mer ëmmer liicht positiv sinn, woubäi een awer betoune muss, dass en Deel vun de Käschten iwwert den extraordinäre Budget finanzéiert gëtt, an dës och beim käschtendeckende Waasserpräis musse berücksichtegt ginn.

- **Musekschoul**




Wéi dir op dëser Grafik gesitt, huelen d'Depensë fir eis regional Museksschoul och ëmmer weider zou. Dës belafe sech fir 2025 op 725.000 EUR an de Subside vum Staat ass op 430.000 EUR budgetiséiert.

Hei war de Gemenge jo u sech versprach ginn, dass duerch d'Reforme vum Museksunterrecht an déi nei Berechnung vun de Subsiden den Undeel vun de Gemengen un de Käschten soll erofgoen. Leider musse mer awer haut feststellen, dass de Benefice aus dem neie Berechnungsschlëssel integral duerch d'Gesetz iwwert d'Aarbechtskonditioune vun de Museksenseignanten opgebraucht ginn ass, fir déi Méikäschten ze decken. Et ass also nach ëmmer esou, dass d'Gemengen nach ëmmer ronn 40% vun de Käschten droe mussen.


Duerch d'Gratuitéit vun de Coursen ass d'Demande fir zousätzlech Coursen nach méi grouss ginn an d'Gemeng muss déi Käschten en surplus finanzéieren. Hei ass et op där enger Säit wichteg, dass d'Gemenge weider bei den zoustännege Ministèren intervenéieren, dass Upassunge musse virgeholl ginn. Op der anerer Säit musse mer awer och an d'Zukunft kucken, fir eis Coursen optimal auszelaaschten, well nëmmen esou kann een effizient vun der Subsidestruktur vum Staat profitéieren an déi finanziell Laascht fir d'Gemengen offiederen. Dofir wäerte mir an Zukunft net do laanscht kommen, fir bei verschidde Coursë Waardeläschten anzeféieren.

- **CGDIS**



Hei huet d'Regierung déi richteg Decisioune geholl an déi néideg Upassunge bei dem Finanzéierungsschlëssel vum CGDIS virgeholl. Dir kënnt all an der Circulaire vum Inneministère noliesen, dass de Staat decidéiert huet, verschidden Käschten integral amplaz vun de Gemengen ze iwwerhuelen an nach aner Mesuren. Dëst féiert dozou, dass d'Depensë fir eis Gemeng op 72.000 EUR erofginn, wat enger Baisse vun iwwert 180.000 EUR par rapport zum BR 2024 entsprécht.

- **Maison relais**





Zu de Fonctionnementskäschte vun der Maison Relais ass et esou, dass de Staat 75% vun de Käschte bezilt a mir als Gemeng déi aner 25%. Am BR 2024 klëmmt eisen Deel op iwwert 1 Millioun EUR, fir dann 2025 erëm erofzegoen op 600.000 EUR. Dëst ass doduerch bedéngt, dass mer zanter 2024 Avancë bezuelen an dofir am Joer 2024 esouwuel den Decompte vun 2023 wéi och d'Avancë fir 2024 verbucht hunn.

Fir méi eng richteg Analys vun dëse Käschte sollte mer eis dofir op déi reell Decomptë fokusséieren:

Hei gesäit een, dass sech dës Käschten zanter 2018 bis 2023 méi wéi verduebelt hunn an dass den Deel vun der Gemeng fir 2023 bei bal 735.000 EUR louch. Dës

Entwécklung ass och gréisstendeels bedéngt duerch d'Gratuitéit vun de Betreiungsstrukturen, wou d'Demande ëmmer weider geklomm ass, sou dass mir haut um Maximum fueren an och deementspriechend Käschten droe mussen. Och hei wier et sënnvoll, wann den Syvicol géif probéieren, fir bei der Regierung ze intervenéieren, fir dës Steigerung vun de Käschten an de Gréff ze kréien.

### ○ Protection sociale




Am Beräich vun der Ënnerstëtzung vu sozial schwaache Stéit ass et jo aktuell esou, dass mir als Gemeng d'Allocation de vie chère, déi vum Staat bezuelt gëtt, nach emol op Gemengenniveau ausbezuelen. Dës Charge fir d'Gemeng huet iwwert déi lescht Jore staark zougeholl, sou dass mir eleng fir d'Allocation de vie chère vun engem Budget vu 70.000 EUR am Joer 2020 op e Budget vun 170.000 EUR fir 2025 geklomme sinn. Hei muss ee fir Zukunft kucken, ob mer dat esou weiderféiere kënnen oder awer net erëm op de Modus vun enger hallwer Allocation de vie chère zeréckginn. Heizou muss ee soen, dass 2023 58 Leit an 2024 bis elo 61 Leit vun der Allocation de vie chère beneficiéiert hunn.

Et kann een och nach erwänen, dass d'Käschte fir den Office social vu 77.000 EUR am Joer 2022 op 105.000 EUR fir 2025 eropgaange sinn.

### ○ Divers

Bei deenen aneren Depensë kann een nach follgend Punkten ervirhiewen:

Fir 2025 ginn d'Subside fir d'Veräiner no uewen ugepasst. De Projet vum neie Subsidereglement ass op der leschter Ligne droite a wäert an den nächste Wochen un déi jeeweileg Kommissioune pour avis geschéckt ginn, fir dësen dann am 1. Trimester 2025 hei am Gemengerot ze stëmmen.

D'Contributioun un de Fonds pour dépenses communales klëmmt relativ staark vun 177.000 EUR op 266.000 EUR fir 2025. De Fonds de dépenses communales bezilt jo haaptsächlech d'Salairë vum Congé politique vun de gewielte Vertrieder.

2025 feiere mer 35 Joer Jumelage mat eiser Partnergemeng Siegelsbach. Hei wäerte mir och kucken, fir e puer extra Aktivitéiten zesumme mat Siegelsbach ze organiséieren an dofir ass de Budget fir de Jumelage op 15.000 EUR gehéicht ginn.

Am Kader vun eisem Digitaliséierungskonzept konnte mer 2024 och verschidde Mesuren ëmsetzen. Esou ass zanter dem 15. September 2024 eng éischt Mesure vu Schëtter ouni Pabeier ëmgesat ginn, an deem Printmedie vun der Gemeng just nach an déi Boîtte verdeelt ginn, déi dëst ausdrécklech duerch e Sticker signaliséieren.

Aktuell ass d'Situatioun déi, dass mir vun enger Oplag vun 2.000 Exemplairen vum Gemengebuet op 650 Exemplairen erofgaange sinn, bei de Flyeren ass et eng Baisse vun 1.650 Exemplairen op 450 Exemplairen.

Op der anerer Säit hu sech awer och zanter der Aféierung vun eiser Newsletter 343 E-Mail-Adressen op dës abonéiert.

Bei der Schëtter App klammen d'Zuelen och vu Joer zu Joer, esou sinn d'Downloads vun der App vun 259 op 394 eropgaangen an d'Moyenne vun der Utilisatioun vun der App pro Mount ass vun 1.524 op 3.294 eropgaangen. Do dernieft sinn aktuell bis zu 1.232 Leit op Push-Noriichte vun der Gemeng abonéiert.

Aktuell ass et och méiglech, déi meescht Formulairë fir Subsiden oder aner Demanden op eisem Internetsite online auszefëllen. Am Kader vun den neien Ëffnungszäite vun der Gemeng ab dem 1. Januar 2025 gëtt och e Reservatiounsmodul fräigeschallt, wou een zu bestëmmten Zäiten och e RDV

mat de Gemengeservicer ka reservéieren. Hei fänke mer mam Populatiounsbureau un, mee wëllen dat och an anere Servicer iwwerhuelen.

| | | **2023** | **2024** |
|---|---|---|---|
| Schëtter ouni Pabeier | Gemengebuet | 2000 | 450 |
| Schëtter ouni Pabeier | Event-Block | 1650 | 450 |
| | | | |
| | | **2023** | **2024** |
| Schëtter App | Downloads | 259 | 394 |
| Schëtter App | Total Ouvertures | 12188 | 36236 |
| Schëtter App | Ouverture (Moyenne par mois | 1524 | 3294 |
| | | | |
| Schëtter App | Push Noorichten | 1232 | |
| Schëtter App | *Actualité* | *1213* | |
| Schëtter App | *Parents d'élèves* | *1133* | |
| Schëtter App | *Virtuell Bréifkëscht* | *713* | |
| Schëtter App | *Gestion Déchets* | *772* | |
| | | | |
| Newsletter | Inscriptions | 343 | |
| | | | |
| Tous les formulaires disponibles sous forme digitale | | | |

Och bei eise "Social Media"-Accounte gesäit een eng positiv Tendenz mat steigende Follower a "Page visits"-Zuelen.

**Social Media Statistics 2024**

1,787 Followers

51,3k Reach

3.540 Interactions

25K Page visits

1.4K Link Clicks

ADS
30 € PAID
203 INTERACTIONS
3.635 REACH

265 Posted content

132 Photos

37 Texts

76 Stories

20 Others

Op Basis vun dësen Zuele wäerte mer dann 2024 mat engem Bénéfice ordinaire vun 8 Milliounen EUR ofschléissen an och am Budget 2025 gesi mer e Benefice vun 8,2 Milliounen EUR vir.


| | **2022** | **2023** | **BR 2024** | **BI 2025** |
|---|---|---|---|---|
| Recettes ordinaires | 20 130 358 € | 24 697 014 € | 26 901 142 € | 27 578 587 € |
| | | 22,69% | 8,92% | 2,52% |
| Dépenses ordinaires | 13 827 939 € | 16 504 051 € | 18 854 422 € | 19 312 117 € |
| | | 19,35% | 14,24% | 2,43% |
| Résultat ordinaire | 6 302 420 € | 8 192 963 € | 8 046 719 € | 8 266 470 € |

Hei ass ervirzehiewen, dass mer am Budget 2025 virgesinn, dass eis ordinär Depensë méi lues wuesse wéi eis ordinär Recetten, wat ganz wichteg ass, fir eis zukünfteg Projeten ze finanzéieren. An dëst obwuel mer weider an eist Personal investéieren an och verschidde Projeten, notamment am Beräich vum Entretien an der Mise en conformité, elo iwwert den ordinäre Budget buchen an aus dem extraordinäre Budget gestrach hunn.

Da komme mer zum extraordinären Budget, wou de Claude wäert ufänken.

**Budget Extraordinaire**

- **SIAS a CGDIS**




Den neien innovative SIAS-Resssourcenzenter an dat neit nohaltegt administrativ Gebai fir de SIAS soll jo op den Terrain um Landtrausch gebaut ginn, e Gebai mat Virbildcharakter fir 25 bis 30 Leit Personal. Derniewent kënnt dann eng nei Kasär fir de Rettungsdéngscht vum CGDIS.

Duerfir stinn am Budget fir 2025 2.000.000 EUR.

Déi nächst Etappe sinn hei:

- Den APS mat de Leit vum CGDIS validéieren. Dëst ass am Moment amgaangen, an an de leschte Woche ware scho ganz vill Reuniounen, fir dëst ofzestëmmen. Leider hu beim CDGIS d'Virgaben e bësschen geännert an och wat den Asaz orientéierten Amenagement vum Gebai ugeet, hunn nach misse ganz vill Upassunge gemaach ginn. Effektiv muss de Retour vum Asaz anescht organiséiert gi wéi de propperen Deel. Dat ass wéinst de Schadstoffer immens wichteg, déi kënnen an der Kleedung an un de Schong sinn.
- Och mussen awer elo méi Quadratmeter virgesi ginn als Openthaltsraum, well méi offiziell Memberen am CIS sinn. Domat

besteet dann awer och elo erëm d'Méiglechkeet, fir kleng Formatiounen do kënnen ze halen. De Sëtzungsraum am SIAS-Gebai géif dann éischter sporadesch benotzt ginn. Dëst ass och eng Fro vun den Ouverture-Stonne vum SIAS a vum Wee bis bei dëse Sall. Leider sinn d'Synergien hei schwéier.

- Parallel dozou gëtt un der Ausschreiwung vun der Strooss geschafft, fir datt dës nächst Joer ka gemaach ginn an d'Aarbechten hoffentlech nach Enn 2025 uginn.
- Ufank 2025 maache mir eng Informatiounsversammlung fir d'SIAS-Gemengen, also déi 21 Gemengen, fir de Projet virzestellen an de Budget.

## - Neien Duerfkär

Wat den neien Duerfkär ugeet, geet et gutt viru mat de Planungsaarbechte fir den APS. Zesumme mam Personal gouf d'Extensioun vun der Märei geplangt an de verschiddene Fonctionnementsfluxen no amenagéiert. Et wäert en neie Sitzungssall ginn, deen dann och vu baussen accessibel ass. Et gouf opgepasst, datt d'Servicer optimal zesumme fonctionéieren. Natierlech gëtt et och e Refectoire fir d'Personal an déi néideg Equipementer, déi haut en neit an effizient Verwaltungsgebai ausmaachen.




- **Projet Bau zu Minsbech - Rue du Château**

De Projet vun der Sanéierung vum ale Bau zu Minsbech - et ass jo kee Pompjeesbau, och wann en der Amicale vun de Pompjeeë gehéiert - mee den ale Bau vun der Bauerekooperativ. Hei soll e Versammlungsraum entstoen an e bëssen Ëmgeréits. Och dëse Projet gestallt sech bei der Planung e bësse méi schwiereg, duerch ebe Contrainten am PAG a vum Volume, deen zur Verfügung steet. Mee et ginn ëmmer Léisungen, a mir schaffen elo un der Léisung, déi och finanziell vertrietbar ass. Mir hoffe bis Ouschtere mat de Pläng an dem Devis an de Gemengerot ze kommen.



- **Kläranlag vum Sidest**





SIDEST 2 Milliounen amplaz vun 1,5 Milliounen

- **Ofwaasser an Uewerflächewaasser (Reenaxen)**

    - Vill vun den Investitiounen, wat Reewaasseraxen ugeet, fënnt ee bei Projeten, wéi dee vun der Haaptstrooss zu Minsbech, dee mir elo haut gestëmmt hunn.
    - Dat wäert an der Éiterstrooss net anescht sinn. All déi Mesurë kaschten eis Suen, mir kréien natierlech och Subsiden aus dem Waasserfong. Duerfir ass de Montant bei de *Mesures de prévention contre les inondations* net esou däitlech héich mat 100.000 EUR.

- E Staarkreekonzept gëtt vum Bureau INCA ausgeschafft, do ass elo Minsbech fäerdeg an da wäerte mir eis 2025 och mat de *Zones à risques* beschäftegen an och informéieren.

## - Waasser


Och ass d'Sanéierung vum Waasserbaseng um Neihaischen nach ëmmer en Thema. Mir si mat de Leit am Gespréich a schaffe ganz enk mam Bureau d'étude BEST zesummen, fir eng adequat Léisung ze fannen.

## - Fotovoltaik

D'Gemeng huet déi lescht Méint hir Fotovoltaikanlage konsequent ausgebaut. Fir 2024 hate mir 250.000 EUR virgesinn a fir 2025 och nach 200.000 EUR.

Hei ass e Resumé vun den Anlagen, déi vum Gemengerot geneemegt goufen:

- 315.000,00 € ttc (17% TVA inclus), approuvé par le Conseil communal en date du 25.10.2023.
- Projet Campus An der Dällt 130.000,00 € ttc (17% TVA inclus), approuvé par le Conseil communal en date du 25.09.2024.
- Projet Museksbau, Gesangsbau, Haus Sand
- 2025: Installation de panneaux photovoltaïques à Schrassig, Schlassgewan, Logements abordables 21a, 21b et 21c



- **WANDPARK Schëtter – Lenneng**


  - Mir hu jo d'Iddi vun esou engem Projet deenen 2 Gemengeréit presentéiert.
  - Et ginn dann och 3 Sitten, wou all d'Konditioune vu Findel, Wunngebitt, Beschattung, etc. agehale sinn, an och d'Wandkonditioune sinn an deem Modell scho simuléiert ginn.
  - D'Proprietairë vun deene betraffene Parzelle sinn amgaange kontaktéiert ze ginn, fir ze kucken, ob si eventuell un enger Verpachtung interesséiert sinn. Effektiv lafen déi Projeten nëmmen iwwer Verpachtung an den Terrain gëtt net kaf. Et muss een och wëssen, wann esou eng Anlag erëm ofgebaut gëtt, da bleift do näischt méi, dat heescht och d'Fundament gëtt erëm aus dem Buedem erausgeholl.
  - Wann d'Proprietären d'Accord sinn, da kann nach ëmmer keng Anlag gebaut ginn, mee da fänken d'Ëmweltetüden un an et ginn och méi prezis Wandmiessunge gemaach. Vun deem Moment u ginn dann och d'Bierger informéiert an aller Transparenz an de Projet matgeholl. Elo kann et nach ëmmer sinn, datt aus ëmwelttechnesche Grënn, z.B. e Juegdgebitt vum Rotmilan, déi Anlag net ka gebaut ginn. Mee duerfir mussen d'Etüde gemaach ginn an déi daueren och vill Méint, ier eng verlässlech Ausso gemaach ka ginn. Bei esou engem Projet, fir eng Wandmillen opzeriichten, geet een hei zu Lëtzebuerg vu 5-7 Joer aus. Déi Projeten, déi awer nach méi laang gedauert hunn, sinn och net rar.
  - Mir brauche fir dëse Projet nach keng Sue virzegesinn, bis dee Moment, wou mir als Gemeng och Parten an der Gesellschaft wëlle kafen. Déi Demarchen, déi am Moment amgaange sinn, gi vun der Gesellschaft SOLER gemaach.

Am Kader vun de Moossnamen, fir eis Ziler am Kader vum Klimapakt anzehalen, gesi mir fir 2025 vir:

- 50.000 EUR am Kader vum Konzept vun der "digitalisation durable".
- 100.000 EUR fir de Klimapakt, wou mir dann och eis Themenzertifikatioun weiderdreiwen.

- An de leschte Méint hunn d'Baugeneemegunge fir PV geboomt. Zanter dem 1. Oktober 2024 brauch ee fir eng Anlag ze installéiere just eng Déclaration de travaux ze maachen.
- 200.000 EUR Subside fir d'Leit, wa se Solarpanneaue maachen oder Reewaasser benotzen oder e Vëlo kafen. Well de Stat nëmme méi déi Stéit ënnerstëtzt, déi och eng *Allocation de vie chère* kréie, komme mir do nach mat enger Propos fir eng Ofännerung vun eisem Reglement.
- 50.000 EUR fir den Naturpakt.

| | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|
| Cycles | 15 019,56 € | 27 835,94 € | 12 463,75 € |
| Appareils éco-énergétiques | 1 700,00 € | 3 000,00 € | 4 500,00 € |
| Photovoltaique | 3 137,99 € | 7 302,17 € | 83 800,03 € |
| Borne de charge | 3 879,94 € | 13 789,89 € | 9 785,34 € |
| Assainissement énergétique | 11 409,57 € | 22 611,94 € | 15 608,45 € |
| Pompe Chaleur | 3 150,00 € | 10 927,50 € | 8 850,39 € |
| Autres subsides | 11 681,10 € | 5 250,00 € | 937,50 € |
| | 49 978,15 € | 90 717,43 € | 135 945,46 € |



Am Kader un der energeetescher Transitioun ass d'Gemeng Schëtter eng vun de Gemengen am Land, déi hir Bierger ganz staarkt ënnerstëtzt. Dofir si mir ëm sou méi frou, dass ëmmer méi Leit heivu Gebrauch gemaach hunn. De Montant u Subsiden, deen ausbezuelt ginn ass, geet vu ronn 54.000 EUR fir 2022, 95.000 EUR fir 2023 elo op ronn 136.000 Euro erop. An am Kader vum Budget fir 2025 ass e Budget vun 200.000 EUR virgesinn.

- **Pakt vum Zesummeliewen / Génération sans tabac / Egalité des chances**

Mir sinn awer och bei vill soziale Projeten, déi net vill Geld kaschten, flott ënnerwee. Esou hëlt de Pakt vum Zesummeliewen och esou lues Form un. Mir wäerten nächst Joer e partizipative Projet starten, villäicht och schonn, andeems mir eis nei Applikatioun Hoplr abauen, fir ze kucken, wéi eng vun der 4 Axe mir dann elo mat de Bierger suivéieren:

- Accueil et orientation
- Bénévolat et rencontres interculturelles
- Diversité et lutte contre la discrimination
- Langues, éducation et formation

Mir wäerten och eng Campagne maachen, fir datt d'Bierger sech aschreiwen, well de Bierger kann de Biergerpakt ënnerschreiwen a kritt dann och säin Zertifikat.


Mir wëllen dann och eng Konventioun mam Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit ënnerschreiwen. Do war och schonn eng Sitzung virgesinn, mee déi huet du misse vum MEGA verréckelt ginn.

Mir hunn eis dann och iwwerluet, wéi mir de Kierfecht kënne besser notzen an och eng nei besser Offer ze maachen, fir de Columbarium e würdegt Ëmfeld ze bidden. Och wëlle mir eventuell en Denkmal fir déi verstuerwe Gemengerotsmemberen integréieren. Am Budget si 430.000 EUR virgesinn a mir kommen dann Ufank 2025 mat de Pläng an dem Devis an de Gemengerot.

- ## Verkéier a Stroossen

Wéi dir wësst, hu mir eng Verkéierszielung gemaach, fir mol och nach eng Kéier Zuelematerial ze hunn an ze kucken, wéi eng Conclusiounen een aus däser Analys kann zéien. Mir waarden op déi Analys a misste se elo an de nächste Woche kréien.

Mir wëllen dann och an all Entrée vun eisen Dierfer e Radar installéieren, deen d'Vitess uweist, well déi rezent Auswäertunge weisen, datt allgemeng Duerchschnëttsgeschwëndegkeet duerch esou Moossnamen erofgeet. Dat ass en Zeechen, datt vill Automobilisten éischter d'Geschwëndegkeetsreglementéierung akzeptéieren, ansech net esou bewosst sinn, wéi schnell se eigentlech nach mam Auto ënnerwee sinn.




De Projet vun der 30er-Zon wäert elo definitiv 2025 ufänken. Duerfir hu mir jo den Devis supplémentaire an déi nei Pläng gestëmmt. Dat gëtt keng einfach Zäit fir d'Urainer, mee do musse mir elo derduerch, fir dann duerno erëm nei Reseauen ze hunn, e besseren Amenagement an doduerch eng besser Liewensqualitéit.

Mir denken och un eis Commercen a mir wäerten eis och do iwwerleeën, wéi mir si wärend dëse komplizéierte Méint ënnerstëtze kënnen. Dat wäert wuel sécher kee Subsid sinn, mee et ginn aner Méiglechkeeten iwwer Bongen oder änlechem, fir eis Geschäfter ze ënnerstëtzen. Wéi dat geet, hu mir jo schonn an der Corona-Zäit geléiert.

Mir hunn ee Projet, deen Twin for resilience heescht, wou mir ugeschwat gi sinn, an dat ass en europäesche Projet, an deem mir och mam SIGI mat dra sinn a wou mir eigentlech als Gemeng opgefall sinn, well mir an deem Beräich ganz wäit vir sinn, eis ganz Domotik, déi mir an de Gebaier hunn a wou mer dann hi wëllen, iergendwéini eng Kéier, dass mer eng App hu fir d'Benotzer vun eise Säll, déi dann zesumme geschallt wier mat der Reservatioun vun deem Sall, wou een da kann d'Hëtzt reegelen oder wou d'Hëtzt da gemaach gëtt, iert de Sall benotzt gëtt, fir dass een do méi Confort huet. Wat mer och wëlle maachen, ass d'Materialleschte vun eise Gebaier digitaliséieren. Do geet et drëms ze wëssen, wéi eis Gebaier opgebaut sinn, wéi vill Volume u Bëton do dran ass, wéi vill Volume Holz, wann een dann eng Kéier e Projet mécht, dass een déi Donnéeën huet an do méi nohalteg ka schaffen. Mir hunn och en Héichwaassersensor bei der Sir installéiert, an do waarde mer nach drop, dass mer dee kënnen ausliesen. Dat hat och laang gedauert, bis mer do d'Geneemegung haten, déi hu mer awer elo an da kënne mer och do Informatioune ginn, wann d'Sir steigt. Da wëlle mer awer och eis Consommatioun vun de Fotovoltaikanlagen eventuell op d'Produktioun ausriichten. Do gëtt et d'Méiglechkeet, mat Meteosmodeller dat ganz intelligent ze maachen. Mir hunn och d'Thema Fotovoltaikkommunitéiten oder "E-communities" an ufanks Februar ass dann eng Informatiounsversammlung iwwert déi "E-communities".

- **Altersheem**

D'lescht Joer hate mir an der Presentatioun vum Budget erkläert, an och an eiser Schäfferotserklärung schonn annoncéiert, datt mir de Besoine vun eisen eelere Matbierger Rechnung droe wëllen an de Projet vun enger Senioreresidenz an eiser Gemeng entaméieren.

Mir hunn eis mat Prestatairen zesumme gesat, fir ze kucken, wéi eng Méiglechkeeten et gëtt, fir esou e Projet an eiser Gemeng ze realiséieren. Mir hunn och scho Gespréicher fir e potentielle Site fir esou eng Struktur. Ofhängeg vun deene Gespréicher, mee well se positiv waren, si mir der Meenung, datt mir 2025 weider un dësem Projet schaffe kënnen a gesinn dowéinst 50.000 EUR vir.


Dann ass et jo esou, datt de CIPA zu Nidderaanwen ausgebaut gëtt. Déi detailléiert Opschlësselung vun de Käschte gëtt nach gemaach. Bis déi Opschlësselung do ass, fuere mir mat engem Acompte. Den initiale Montant beleeft sech op ongeféier 10.5 Milliounen EUR TTC, an de Ministère huet

Nidderaanwen den Accord ginn, fir bis zu 70% ze subventionéieren. Lo wäert de Projet awer ëm 13.8 Milliounen EUR kaschten. De Schäfferot vun Nidderaanwen huet dann elo decidéiert, fir d'Acompten op Basis vum initiale Projet ze baséieren, dovu 60% vum Deel, deen net iwwert d'Subventioune gedeckt gëtt. Dat wieren ëm 3.1 Milliounen EUR (30% vum Projet) an dovun 60% als Acompte (1.89 Milliounen EUR), déi vun de konventionéierte Gemengen ze bezuele wieren. Dat wieren da fir Schëtter 150.000 EUR, déi mir da lo virgesinn hunn.



CIPA Gréngewald zu Nidderaanwen

- **Schoulcampus**



E weidere wichtegen a prioritäre Projet ass dee vum Ausbau vum Schoulcampus. Dat ganzt Joer ass intensiv dru geschafft ginn an den éischten Deel vum Ausbau fänkt jo elo d’nächst Joer un. A ville konstruktive Reunioune konnten déi wichtegst Elementer fir dës Infrastruktur festgeluecht ginn, an déi éischt Phas vum Masterplang fänkt elo u Realitéit ze ginn.  Wéi schonn an de Jore virdrun op dëser Plaz gesot, ass d’Sécherheet vun eise Kanner an eisem Personal um Schoulcampus essentiel. Dës Sécherheet muss selbstverständlech och wärend deene verschiddene Phase séchergestallt sinn.

Fir den neien Ubau hannert dem aktuelle Gebai vun der Maison Relais unzefänken, krute mir elo de Montant gesot, dee fir 2025 muss virgesi ginn.

Fir d’Extensioun vum aktuelle Gebai vun der Maison Relais, fir dorausser de *Monde des petits* ze maachen, also fir dorausser d’Schoul an d’Maison Relais fir den C1 ze maachen, brauche mer 854.542 EUR fir deen Deel, dee fir d’Schoul geduecht ass, a 569.694 EUR fir deen Deel, dee fir d’Maison Relais geduecht ass. Natierlech ginn et fir dës Ëmbauten och Subside vum Staat, mat deene mir awer net fir 2025 rechnen.

Mam C1 ass et awer nach net gedoen, an de Masterplan gesäit jo nach aner Ëmbauten um Campus vir. Sou ass dann och, datt parallel schonn un den Ëmbauaarbechte vun de Gebaier 6 a 7 geschafft gëtt, spréch dem aktuellen C1 an der Bibliothéik. Ausserdeem wäerten et jo och nach Ëmbauaarbechten am aktuelle Gebai 1 an 3, spréch der aktueller Maison Relais ginn, fir déi kënnen esou z’adaptéieren, wéi et am Masterplan virgesinn ass. Fir d’Etüden zu all dësen Ëmbauaarbechten hu mer 325.000 EUR fir 2024 an 350.000 EUR fir 2025 virgesinn.

Natierlech ginn am Kader vum Masterplang och gréisser Aarbechte gemaach, wat d’Cyclen 2-4 ubelaangt, mee mir sinn eis bewosst, datt d’nächst Joer dës Aarbechten net wäerten entaméiert ginn. Well awer am Kader vun deenen Aarbechten d’Kanner d’Gebai verloosse mussen, muss eng provisoresch schoulesch Struktur opgeriicht ginn, sou datt mir fir 2024 174.000 EUR bei deem Punkt virgesinn, fir d’Etüden ze lancéieren.

Net nëmmen um Schoulcampus investéiere mir fir den Ausbau an d'Erneierung, mee och an déi besteeënd Infrastrukturen, wéi zum Beispill de Pavillon Cadolto, fir et deene klenge Kanner esou angeneem ewéi méiglech ze maachen.

- **Jugendhaus**



Déi energeetesch Sanéierung vun eise Gemengegebaier ass jo e wichtege Punkt fir eis, an an deem Kader ginn och elo d'Aarbechte fir eng Sanéierung vum Jugendhaus un. Aus deem Grond gesi mer dann och en Montant vun 175.000 EUR fir 2024 an vu 500.000 EUR fir 2025 vir.

- **Sylviculture**



Wat de Service forestier ugeet, wou mer duerno de *Plan de gestion forestier* nach stëmmen, sou ass ze soen, datt hir Investissementer zu 50% vun eis iwwerholl ginn an zu 50% vun der Gemeng Nidderaanwen. Hei gëtt d'nächst Joer

an eng nei See investéiert an e spezialiséierten Trakter, dofir fanne mir dann do och de Montant vun 284.000 EUR erëm.

- **Kaf vun Terrainen**

Fir de Kaf vun Terrainen, déi bebaut sinn, waren am Budget 2024 650.000 EUR virgesinn. Dës Transaktioun konnt leider 2024 nach net ofgeschloss ginn, mee mir sinn awer zouversichtlech, dass mer hei e Compromis am 1. Trimester 2025 am Gemengerot kënnen approuvéieren a gesinn dofir dëse Montant vun 650.000 EUR fir 2025 vir.

Beim Kaf vun Terraine ware fir 2024 eppes iwwert 2 Milliounen EUR virgesinn, hei konnte mer bis haut Terraine fir ronn 1,5 Milliounen opkafen. Dat sinn notamment déi 2 Terrainen um Site "Op Bissemt" beim Fussballsterrain, wou mir elo all Terraine beieneen hu fir den Developpement vun de Sportsinfrastrukturen. An awer och den Terrain nieft dem Schoulcampus, dee mer am leschte Gemengerot zesumme gestëmmt hunn.

Fir 2025 gesi mir nach mol 4 Milliounen EUR vir. Dëst haaptsächlech fir de Kaf vun den Terrainen an eisen Aktivitéitszonen, besonnesch um Routert zu Iwwersiren, wou mer en éischte Compromis haut den Owend zum Vote virleeë fir e Kaf an Héicht vun 1.365.000 EUR fir en Terrain vu bal 72 ar. En zweete Compromis fir en Terrain vu bal 97 ar ass an dësem Kader och an der Diskussioun, wou mer hoffen, dass mer do och en Accord kënne kréien. An mir hunn och eng Offer gemaach fir en Terrain, deen an eiser Aktivitéitszon zu Minsbech läit a wou mer op e Retour waarden. Zu dësen Acquisitioune fir eis Aktivitéitszonen ass et awer och esou, dass mer a Gespréicher mam Wirtschaftsministère sinn, fir mat hinnen eng "Convention de participation financière" ofzeschléissen, op Basis vun där mer géifen déi Acquisitiounen zum Deel iwwert e Subsid, an zum Deel iwwert e ganz gënschtege Prêt finanzéiert kréien.

Dann hu mer och 2 Offere gemaach, fir Bëscher opzekafen, am Kader vun eisem Engagement am Naturschutz. Hei ass et och esou, dass mer bis zu 250 EUR/ar als Subsid vum Staat géife kréien.

Schlussendlech si mer awer och ëmmer weider oppe fir Acquisitiounen, notamment am Kader vum Schoulcampus oder beim Neien Duerfkär a wäerten,

wann néideg, zousätzlech Suen nostëmmen, wann sech interessant Opportunitéiten erginn.

- **Abordabele Wunnraum**

Follgend Projete konnten 2024 definitiv ofgeschloss ginn, wou den Decompte hei am Gemengerot gestëmmt ginn ass a wou mer och d'Subside vum Logementsministère iwwerwise kruten:

- 2 Eefamilljenhaiser an der rue de la Montage, wou laut Decompte Depensë ware vu bal 1,8 Milliounen EUR a wou mer Subsiden an Héicht vun eppes iwwert 1,3 Milliounen EUR kruten.
- 2 Eefamilljenhaiser am Léegrond, wou laut Decompte Depensë ware vun 1,64 Milliounen EUR a wou mer Subsiden an Héicht vun 1.180.000 EUR kruten.

Dann ass och de Projet vum Jugendwunnen um Schënnbierg ofgeschloss, a wou den Decompte vun den Aarbechten, deen am 1. Trimester 2025 hei am Gemengerot gestemmt wäert ginn, eng Depense vu 650.000 EUR virgesäit. Bei dësem Projet sinn aktuell Subside vun op d'mannst 1,4 Milliounen EUR budgetiséiert. Heizou muss een awer och soen, dass beim Subsid de Kaf vum Haus an dem Terrain, deen d'Gemeng jo kaf huet, mat berücksichtegt gouf.

Finalement ass och de Projet vun der 3. Wunneng am Haus Berna hei vis-à-vis vun der Kierchplaz ofgeschloss. Hei wäerte mer mat engem Totalkäschtepunkt vu 560.000 EUR ofschléissen. Hei ass aktuell e Subside vun 200.000 EUR fir 2025 virgesinn, well mer jo zousätzlechen abordabele Wunnraum schafen an dofir eng Demande beim Logementsministère areechen, fir dës Wunneng och subventionéiert ze kréien.





Wat déi aner Immobilien-Projete betrëfft, ass et esou, dass mer souwuel d'Haus an der rue des Champs, wéi och d'Haus op 162, rue Principale aktuell der ASBL Schëtter Hëlleft zur Verfügung gestallt ginn, vu que dass mer à court terme keng Projeten op dëse Parzelle wëlle realiséieren.

- **Projet vu 4 Eefamilljenhaiser an der rue des Jardins**



Hei geet et em de Projet vu 4 Eefamilljenhaiser, déi aktuell am Bau an der rue des Jardins sinn. Et ass kloer, dass dëse Projet Retard kritt huet, well mer bei der éischter Ausschreiwung leider, trotz Kris am Bausecteur, keng Offer haten, déi am Kader vum abordabele Wunnraum finanzéierbar gewiescht wier. Dofir hu

mer du misse Mëtt dës Joers eng nei Ausschreiwung maachen a wou du Peter Smart Group als Entrepreneur zeréckbehale gouf. Wéi gesot, d'Aarbechte sinn elo säit puer Woche voll amgaangen an et ass och virgesinn, dass de Réibau vun den Haiser an Holzbauweis an den nächste Woche fäerdeg gestallt gëtt. Dofir gesi mer och schonn Depensë fir 2024 vun 1,2 Milliounen EUR vir an dann nach eemol 1,6 Millioune fir 2025.

Beim Verkaf vun den Haiser ass et esou, dass insgesamt 11 Kandidaturen erakomm sinn. Op Basis vun der Auswäertung, déi vun engem onofhängege Bureau gemaach gouf, sinn déi potentiell Acquereuren der Rei no nom Ranking kontaktéiert ginn, fir e Compromis ze ënnerschreiwen. Dëse Prozess ass aktuell nach amgaangen an am Moment ass nach kee Compromis ënnerschriwwen, fir eent vun den Haiser an der Emphythéose ze verkafen. Mir hunn an dësem Kontext fir 2024 keng Recettë virgesinn a fir 2025 e Montant vun 2,4 Milliounen EUR. Bei dësem Projet krute mer jo och eng Zouso vum Logementsministère fir e Subside an Héicht vun 360.000 EUR.

- **Projet rue du Village zu Aal-Schëtter / PAP um Kallek**





Am Kader vum Haus an der rue du Village hu mir Offeren ageholl, fir d'Demolitioun Ufank 2025 ze maachen. Opgrond vum Cahier de charges vum Logementsministère fir de Logement abordable an awer och duerch déi applikabel urbanistesch Reegelen, préiwe mir aktuell och, ob et net méi sënnvoll ass, fir dësen Terrain mat an de PAP "um Kallék" ze integréieren. Bei dësem PAP ass et awer leider esou, dass mir nach op e Retuer vum INRA waarde fir de Cahier de charges fir déi zousätzlech archeologesch Fouillen, déi op dësen Terrainen néideg sinn. Dofir hu mir fir 2024/2025 e Montant vun 175.000 EUR virgesi fir d'Demolitioun vum Haus an 100.000 EUR fir 2025 fir eventuell Etüden am Kader vum PAP "um Kallek".

Da komme mer zu de PAPen, wou zousätzlechen abordabele Wunnraum entstoe soll:

- **PAP – Um Schënnbierg**





D'Infrastrukturaarbechte sinn aktuell all ofgeschloss, et bleift just nach den Amenagement vun der klenger Spillplaz ronderëm de Retentiounsbaseng. Wéi an de Konventiounen, déi am Kader vun dësem PAP vum Gemengerot am Januar 2023 validéiert gi sinn, huet d'Gemeng am Joer 2024 e Montant vun 705.000 EUR bezuelt fir déi 2 Loten, wou d'Residencen am Kader vum Logement abordable solle realiséiert ginn. Donieft hu mer och nach eng éischt Etüd maache gelooss, fir ze kucken, wéi eng Adaptatiounen um PAP néideg sinn, fir des Loten effizient fir de Logement abordable auszenotzen. Mir sinn och a Gespréicher mam Fonds du Logement, fir ze kucken, ob si an a wéi engem Zäitraum si dëse Projet realiséiere kéinten. An deem Kader sinn och nach mol 100.000 EUR fir 2025 virgesinn.

- **PAP – Um Bréim**

No der Autorisatioun mat Konditioune vun der Ëmweltverwaltung Mëtt dës Joers kënnt elo erëm sou lues Beweegung an dësen Dossier a mir ginn dovunner aus, dass mer 2025 wäerten d'Convention d'exécution am Gemengerot stëmmen. Hei sinn och fir 2025 100.000 EUR fir eventuell Etüden an Analysen an dësem Kontext virgesinn.

- **PAP – rue de Senningen**

Dëse PAP ass och relativ wäit developpéiert a wäert kënnen 2025 am Gemengerot gestëmmt ginn.

## - Ënnerstëtzung fir eis Veräiner

- **Scoutshome**




Dëst Joer sinn d'Planunge fir den neie Scoutshome, deen zesumme mat der Extensioun vun der Gemeng realiséiert gëtt, gutt viru komm. Nieft engem éischte Kick-off Ufank dës Joers zesumme mat dem Aarbechtsgrupp vun de Scouten, goufen et Visitten zesumme mam Architektebüro Metaform vun 2 Scoutschaleten, fir d'Besoinen adequat ze definéieren. Mir kruten elo nach mol Kommentaren zu der leschter Versioun vun de Pläng a mir hu fir Dezember 2024 nach eng Aarbechtsgruppsëtzung tëscht de Scouten a Metaform virgesinn, fir déi definitiv Raumplanung am Kader vum APS ze validéieren. Et ass virgesinn, fir dem Gemengerot dëse Projet zesumme mam Ausbau vun der Gemeng am 1. Trimester 2025 ze presentéieren. Duerfir gi mer dovun aus, dass mer fir de Summer den APD am Gemengerot kënne stëmmen an dass d'Aarbechten 2026 starte kënnen.



Et ass virgesinn, dass den neie Chalet insgesamt ëm déi 70 Better wäert hunn, inklusiv behënnertegerechte Schlofplazen. Dës sinn opgedeelt an 2 Deeler, jeeweils mat den néidege Sanitären, fir dass se och eenzel fir méi kleng Gruppe kënne genotzt ginn. Da sinn nach emol 2 Dortoirë fir d'Accompagnateure virgesinn. Um Rez-de-chaussée fanne mer dann d'Kichen, de Bureau, vill Stockageraum, deen och liicht vu baussen accessibel ass, a méi grouss a méi kleng Openthaltsraim.

Et ass e ganz konstruktiven an oppenen Austausch tëscht allen Acteuren, wou et och e Konsens gëtt, dass dës zukünfteg Infrastrukturen och fir aner Veräiner, d'Schoul, d'Maison-Relais oder am Kader vu Jumelage-Aktivitéite kënne benotzt ginn. Déi aktuell Pläng baséieren drop, dass d'Aktivitéite vun de Scouten an och déi multifunktionell Notzung vum Gebai harmonesch matenee fonctionéieren.

Aktuell ginn all d'Käschte fir déi gemeinsam Planung vum NDK, an eben haaptsächlech d'Etüden en lien mam Bau vun der Erweiderung vun der Gemeng a vum neie Scoutshome op de Budgetsartikel "Réaménagement du centre de Schuttrange - Neien Duerfkär Schëtter – planification" gebucht, wou mir fir 2024 550.000 EUR a fir 2025 1.750.000 EUR virgesinn hunn. Ab deem Moment, wou mer dann den APD hei am Gemengerot stëmmen, ginn d'Käschten op déi jeeweileg Budgetsposten affectéiert.

- ## FC Munsbach

<u>Infrastructure sportive FC Munsbach</u>

Règlement grand-ducal du 31 juillet 2024 établissant une première liste de projets à subventionner dans le cadre du douzième programme quinquennal d'infrastructures sportives.

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 1 | *Bâtiment multifonctionnel pour le sport* | *10/28* | *Schuttrange* | *Munsbach* |



Entrepreneuer : Poeckes Sàrl
Installations techniques : Reckinger Alfred

Installation chantier et Démolition:
Décembre 2024

Début construction: 2025

Inauguration: 2026

Budget 2024: 300.000 EUR
Budget 2025: 3.200.000 EUR

Bei den neien Infrastrukturen "op Bissemt" krute mer leider Retard, well bei der éischter Ausschreiwung vun den techneschen Installatioune keng eenzeg Offer ofgi ginn ass, a mir dofir eng zweet Ausschreiwung hu misse maachen. Do war et och esou, dass just eng eenzeg valabel Offer erakomm ass. Op alle Fall hunn déi éischt Plënneraarbechten fir déi al Buvette elo ugefaangen an d'Demolitioun ass fir Dezember virgesinn. D'Konstruktiounsaarbechte sinn 2025 a fir Ufank 2026 ass dann déi offiziell Aweiung. Déi provisoresch Installatiounen an och de Betrib vum Fussballsterrain wärend der Chantiersphas ass och mat de Responsabele vun der FLF ofgeschwat.

Fir 2024 hu mer 300.000 EUR a fir 2025 3,2 Milliounen EUR virgesinn. Et ass awer esou, dass op der Basis vun den zeréckbehalenen Offere vun der Ausschreiwung an awer och, well verschidden Depensen an dem initialen Devis net virgesi waren, dësen Devis wäert depasséiert ginn a mer dofir 2025 nach mat engem Devis supplémentaire an de Gemengerot wäerte kommen.

Nodeems mer jo och déi aner Terraine ronderëm de Site "Op Bissemt" 2024 konnte kafen, hunn d'Etüde fir en zweeten Trainingsterrain an och d'Analyse fir d'Erneierung vum éischten Terrain ugefaangen an dofir ass e Budget vun 150.000 EUR fir 2025 virgesinn. Fir den *Assainissement énergétique* vun de Vestiairë sinn 100.000 EUR virgesi fir verschidden punktuell Aarbechten, haaptsächlech fir d'Beliichtung, d'Ventilatioun an awer och, fir d'Schlässer op

Salto ze wiesselen. Fir d’Erneierung vun den Infrastrukturen am Wee fir op de Site sinn och nach emol 100.000 EUR virgesinn, dës wäerten am Kader vun den Aarbechte vun der 30er-Zon zu Minsbech matgemaach ginn.

- **TC Schëtter**



Eist Zil bleift et, fir eng méi nohalteg Léisung fir de Ballon a modern Infrastrukture fir den TC Schëtter ze schafen. Et gouf och eng Propose fir esou Infrastrukturen ausgeschafft, déi mer an den nächste Woche wëllen zesumme mam TC Schëtter diskutéieren. Dofir hu mir fir 2025 100.000 EUR virgesinn, fir des Etüde weider ze developpéieren.

- **Hall sportifs**

Fir d’Moderniséierung an d’Mise en conformité vun eise Sportshalen ass fir 2024 och nach e Montant vun 100.000 EUR virgesinn.

## Résultat extraordinaire

| | 2022 | 2023 | BR 2024 | BI 2025 |
|---|---|---|---|---|
| Recettes extraordinaires | 2 060 084 € | 1 980 755 € | 3 015 618 € | 6 668 109 € |
| | | | | |
| Dépenses extraordinaires | 10 313 533 € | 9 427 733 € | 12 215 677 € | 26 819 368 € |
| | | | | |
| **Résultat extraordinaire** | **- 8 253 449 €** | **- 7 446 978 €** | **- 9 200 059 €** | **-20 151 259 €** |

De Budget extraordinaire rectifié vun 2024 schléisst mat Recetten an Héicht vun 3 Milliounen an Depensë vun 12,2 Milliounen of, wat engem Mali vun 9,2 Milliounen entsprécht.

Fir 2025 leien déi extraordinär Depensë béi 26,8 Milliounen, an d'Recettë bei 6,7 Milliounen, wat dann e Mali vun 20,1 Milliounen géif maachen.

## Résultat global

| | 2022 | 2023 | BR 2024 | BI 2025 |
|---|---|---|---|---|
| Recettes ordinaires | 20 130 358 € | 24 697 014 € | 26 901 142 € | 27 578 587 € |
| Dépenses ordinaires | 13 827 939 € | 16 504 051 € | 18 854 422 € | 19 312 117 € |
| | | | | |
| **Résultat ordinaire** | **6 302 420 €** | **8 192 963 €** | **8 046 719 €** | **8 266 470 €** |
| | | | | |
| Recettes extraordinaires | 2 060 084 € | 1 980 755 € | 3 015 618 € | 6 668 109 € |
| Dépenses extraordinaires | 10 313 533 € | 9 427 733 € | 12 215 677 € | 26 819 368 € |
| | | | | |
| **Résultat extraordinaire** | **- 8 253 449 €** | **- 7 446 978 €** | **- 9 200 059 €** | **-20 151 259 €** |
| | | | | |
| **Résultat global** | **- 1 951 029 €** | **745 985 €** | **- 1 153 340 €** | **-11 884 789 €** |
| | | | | |
| Résultat reporté N-1 | 16 639 365 € | 14 688 335 € | 15 434 321 € | 14 280 981 € |
| | | | | |
| **Résultat reporté** | **14 688 335 €** | **15 434 321 €** | **14 280 981 €** | **2 396 192 €** |

D’Gesamtsituatioun presentéiert sech da wéi follegt:

D’Joer 2025 géife mer dann op Basis vun dësem Budget mat engem Boni vun 8,3 Milliounen am ordinäre Budget an enger Perte vun 20,2 Milliounen EUR am extraordinäre Budget ofschléissen. Dëst bedeit dann eng Perte vu bal 12 Milliounen am Gesamtbudget 2025. Zesumme mam Iwwerschoss vun 2024 vu 14,3 Milliounen hätte mer dann Enn 2025 nach e Reschtiwwerschoss vun 2,4 Milliounen.

Natierlech ass dëst e Budget, deen nom Principe de prudence opgesat ass, wou mer Depensë realistesch an awer mat der néideger Virsiicht ageschat hunn, an dofir gi mer dovun aus, dass den Iwwerschoss méi héich wäert ausfale wéi geplangt. Mee et ass awer kloer, dass vu que dass eis éischt grouss Projeten nächst Joer konkret ulafen an d’Investitioune fir de Kaf vun Terrainen héich sinn, dass eis Reserven elo ufänken ze falen, an dëst relativ séier iwwert déi nächst Joren, an dass mer net do laanscht kommen, fir Kreditter opzehuelen, fir dës Investissementer ze finanzéieren.

Fir ofzeschléissen, ass et e ganz grousse Merci un all eis Servicer, déi gehollef hu fir dëse Budget opzestellen. Mir haten déi lescht Woche vill a konstruktiv Gespréicher fir zesumme Projete fir d’nächst Joer festzeleeën, Depensen ze hannerfroen an eis Recettë gréndlech ze préiwen.

Och elo schonn e grousse Merci all déi, déi hëllefe wäerten, fir all dat ëmzesetzen, wat mer eis virgeholl hunn.

Déi nächst 2 Wochen huet d’ Finanzkommissioun an dir hei um Dësch Zäit, fir dës Dokumenter ze analyséieren a mir freeën eis da fir den 11. Dezember 2024 zesummen eng konstruktiv Diskussioun ze hunn.